SYFEL

Syndicat des Fabriques d'église du Luxembourg a.s.b.l. RCS n° F 10322 syfel@syfel.lu

15, am Duerf L-7651 Heffingen CCPL LU08 1111 7035 7433 0000

Den Endspurt fir d'Petitioun N°715

Léif Kiercheréit alleguer,

den 21.11.2016 ass den Delai, fir d'Petitioun zum Erhalt an der Moderniséierung vun de Kierchefabrécken z'ënnerschreiwen, ofgelaf.

Mir kenne bis ewell ca. 7200 Ënnerschréften zielen!!!

Dat ass ganz respektabel, an mir sinn iwwerzeegt, datt elo em Endspurt nach emol en décke Koup un Signature komme wäert, sou datt mir déi Zuel sécherlech nach däitlech kennen eropsetzen. A wat mer der méi hunn, wat méi kloer ass, datt een Ofschafe vun de Kierchefabrécke vu wäit méi Leit net gewollt ass, wéi dat vun allen Befürworter vun deem onsägleche Gesetzesprojet N°7037 ëmmer behaapt gëtt.

Alleguerten den „*Jäger und Sammler*" vun den Ënnerschréften an de Lëste, elo schonn e grousse Merci!!!
Vergiesst w.e.g. net, Är Lëste bis allerspéitstens den 20.11. beim SYFEL zu Hiefenech ofzeginn. De letzte Post-Courrier, deen nach considéréiert gëtt, ass dien vum 21.11. selwer, well mer am Nomëtteg d'Dossiere mat de Lësten an der Chamber wäerten ofginn.

An da kucke mer mol wéi eescht et de Responsabelen an dësem Dossier mat der partizipativer Demokratie ass!

An der Gemeinschaft bleiwe mir staark! Loosst is also weider zesummenhalen!

Mat beste Gréiss

Hiefenech, de 14. November 2016

Serge EBERHARD
President

Marc LINDEN
Vizepresident